LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 25 AVR. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
24 AVR. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire 470

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°470 des honorables députés Madame Octavie Modert et Monsieur Léon Gloden tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

Réponse de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°470 du 11 mars 2019 des honorables députés Mesdames Françoise Hetto-Gaasch et Octavie Modert et Monsieur Léon Gloden

Wat fir eng konkret Mesuren si bis elo geholl gi fir de Plastiksoffall ze reduzéieren?

Gespréicher fir Eewee-Verpakungen ofzeschafe sinn am Gaang gefouert ze ginn, an nei Léisunge fir Eewee-Verpakungen ze vermeide sinn am Ausschaffen. Den Eenzelhandel weist op deem Gebitt eng staark Motivatioun, fir senge Cliente Léisungen unzebidden. A ville Gemenge sinn och, am Kader vun der grousser Botz, Veranstaltungen organiséiert gi fir iwwert Problematik vum Plastik op ze klären.

Et sinn och eng ganz Rei vu Mesuré scho geholl ginn, fir de Plastiksoffall ze reduzéieren:

- Den Eco-sac, ee Konzept dee jidderengem geleefeg ass, huet et erméiglecht, datt, zanter senger Aféierung 2004, eng 4891,5 Tonne Plastik konnten agespuert sinn. Dat ass den Equivalent vu 560 Milliounen Eewee-Plastikstuten. 2012 huet déi europäesch Kommissioun den eco-sac als "best practice" ausgezeechent, dëst am Beräich vun der Offallvermeidung.
- D'Konzept vun der Ecobox ass och eng erfollegräich Léisung déi mam Secteur vun der Restauratioun ausgeschafft ginn ass : an deene méi wéi 60 ugeschlossene Restauranten an och a ville Kantinnen déi bis ewell matmaachen, gi keng Eewee-Plastiker méi benotzt fir d'lessensreschter vun de Clienten anzepaken. D'Ecobox steet haut als Modell fir weider ähnlech Léisungen di momentan diskutéiert ginn, fir am Eenzelhandel lesswueren anzepaken.
- E weidere Projet ass d'Initiative vun IMS "Zero Single Use Plastic Strategy" an de Betriber, zu där de Ministère an d'Verwaltung zesumme mat der SuperDrecksKëscht bäidroen. 50 Betriber hu sech bis elo schonn där Démarche ugeschloss, fir op e méi plastik-fräie Wee ze kommen.
- Aktuell gëtt och vum Oekozenter Pafendall an der Superdreckskëscht um Guide Green Events – Green MICE geschafft. Zil dovunner ass et nohalteg Initiativen an Evenementer ze förderen a si an dëse Schrëtt ze begleeden.
- De "Cup-System" dee schonn a ville Gemengen ugebuede gëtt oder Spullweenecher sinn aner Weeër fir de Plastiksoffall ze bekämpfen.
- Zesumme mat der Fédération Luxembourgeoise de Marche Populaire (FLMP) gouf och e Méiwee-Becher ausgeschafft deen elo regelméisseg am Gebrauch ass.

Ginn et "Incentives" fir d'Gemengen ze motivéieren de Plastiksoffall ze reduzéieren?

Am Klimapakt zu deem all Gemengen adheréieren, kritt d'Offallvermeidung ëmmer méi eng Wichtegkeet, dozou gehéiert och manner Plastiksoffäll ze produzéieren.

Wat fir eng Mesuré gesäit Regierung fir an der Lutte géint déi vill Plastiksverpackungen z.B. beim frëschen Uebst a Geméis?

Momentan lafen d'Aarbechte fir déi verschidden Directiven déi am Kader vum Paquet "Economie circulaire" ugeholl goufen, an d'lëtzebuerger Legislatioun ze transposéieren.

Dozou gehéiert och, datt déi nei Direktive iwwert d'Ewee-Plastiker, déi eréischt viru kuerzem vum Europa-Parlament ugeholl ginn eis, direkt mat iwwerholl gëtt.

Zil vun der Regierung ass et ganz ambitiéis ze sinn, an esou wäit wéi méiglech iwwert d'EU-Legislatioun eraus ze goen, fir och Verpakungen oder aner Plastiksprodukten ze verbidden.

An enger éischter Phase ass de Ministère am gaangen ze kucken a wéiwäit de Gebrauch vu Plastik am Eenzelhandel kann an däerf iwwert nei legislativ Mesuren reduzéiert ginn, wann di Mesuren iwwert den EU-Kader ginn, ouni dobäi géint d'Regele vum Marché unique ze verstoussen. De legalen Aspekt gëtt am Moment analyséiert, fir déi zukënfteg Mesure juristesch ze sécheren.

Am Kader vum Ausschaffe vun der Zero Waste Strategy Luxembourg, a vun der Emsetzung vun deene verschiddenen Offall-Direktiven ginn nach virum Summer Workshoppen iwwer Land organiséiert, fir bestëmmten Theme souwuel mat de Bierger wéi och mat de Secteuren unzeschwätzen an déi bescht méiglech a realistesch Léisungen z'identifizéieren. Dës Workshoppe wäerten Input liwwere fir zukënfteg legislativ Mesuren opzestellen, déi och wierklech emsetzbar sinn.

D'Zero Waste Strategie selwer, sou wéi de legislative Kader dozou, ginn dann duerno vum Ministère mat der Emweltverwaltung bis dësen Hierscht weider ausgeschafft.

Aktuell gëtt och eng Hausmüllanalyse gemaach, wou bis Hierscht solle Resultater virleien. Do gëtt gezielt gekuckt, wéi eng Plastiksoffäll an der schwaarzer Poubelle ze fanne sinn, fir doropshi Mesuren ze huelen, entweder fir dës Offäll ze vermeiden oder fir dës Offäll separat ze sammele fir se da kënnen ze recycléieren.

Wëssend datt a gutt 3 Méint, um Virowend vum Nationalfeierdag, mat de gréisste Volleksfest am Land stattfënnt, gesäit d'Regierung konkret Mesurë vir, fir ob dësem groussen a wichtege Fest, de Plastiksoffall ze reduzéieren?

D'Regierung iwwerléisst dem Organisateur, der Stader Gemeng, konkret Mesuren am Kader vun dëser Manifestatioun virzegesinn.